N°460
Entrée le 23.04.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n°460 vum 12. Mäerz 2024 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet « Instructions du Ministre à la police »**

**Fro 1 an 2**

Als politesche Responsabele fir d'Police an zoustänneg fir déi generell Politik vun der bannenzeger Sécherheet souwéi am interne Reglement vun der Regierung vum 27. November 2023 festgehalen, ass et meng Roll dofir ze suergen, dass d'Police déi néideg Moyenen, a virun allem dat néidegt Personal, zur Verfügung huet, fir hire legale Missioune nozekommen.

An deem Sënn hunn ech, wéi an deem Interview gesot, d'Instruktioun ginn, dass déi nächst Rekrutementswell op 200 Polizistekandidaten eropgesat gëtt an och dem Generaldirekter gesot, dass et net ka sinn, dass Enquêteure vun allen Sektiounen vum SPJ am Dispositif renforcé an der Stad agebonne sinn an hien opgefuerdert, déi néideg Moossnamen ze huelen, fir deem en Enn ze setzen.

Meng Roll als Minister, dee fir d'Police zoustänneg ass, besteet och doranner, an Zesummenaarbecht mat der Police, dofir ze suergen, dass d'Engagementer, déi d'Regierung an hirem Programm festgehalen huet, ëmgesat ginn.

Wéi ech och schonn an der Chamber gesot hunn, mëschen ech mech net an déi intern Organisatioun vun der Police an.

**Fro 3**

D'Gemengenautoritéiten hu keen hierarchesche Pouvoir iwwert d'Police a kënnen der Police keng direkt Uerdere ginn, et sief, dëst wier vun engem Gesetz virgesinn, wéi zum Beispill am Kader vum Artikel 10 vum ofgeännerte Gesetz vum 18. Juli 2018 iwwert d'Groussherzoglech Police, wou de Buergermeeschter der Police den Uerder ka ginn, am Fall vun enger imminenter Gefor vun enger Persoun an eng Gebailechkeet oder en Auto anzedréngen. Och am Kontext vum Artikel 12 vum genannte Policegesetz iwwert d'Fermeture vun engem Commerce huet de Buergermeeschter bestëmmte Kompetenzen. Doriwwer eraus kann de Buergermeeschter a verschiddene Fäll eng Interventioun vun der Police requisitionéieren.

Ganz allgemeng kann de President vum *Comité de prévention communal* am Fall vun Informatiouns- oder Klärungsbedarf eng Sëtzung vun dësem Comité aberuffen. Et besteet och zu all Moment d'Méiglechkeet, fir sech op direktem Wee mam zoustännege Police-Regionaldirekter a Verbindung ze setzen.

Ofschléissend verweisen ech op e Pilotprojet als éischt Etapp fir eng "Unité de Police locale", sou wéi se am Koalitiounsaccord virgesinn ass, mat entspriechender Weisungsbefugnis fir de Buergermeeschter: *"[...] une unité de police locale sera constituée au sein du corps actuel de la PGD, sur laquelle le*

*bourgmestre aura un pouvoir de direction dans le cadre de ses missions d'ordre public (tranquillité publique, sécurité publique et salubrité publique)."* Dëse Pilotprojet soll am Laf vun dësem Joer ulafen.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2024
Den Inneminister
(s.) Léon GLODEN